



NEWSLETTER N°1 MEE 2021



MINETT UNESCO BIOSPHERE

Léif Frënn vun der Minett UNESCO Biosphere,

Mat dëser neier Newsletter wäerte mir iech an Zukunft regelméisseg iwwer Projeten, Entwécklungen an Aktiounen am Zesummenhank mat der Biosphär informéieren. Et geet drëms iech en **Abléck an déi räichhaltig Biodiversitéit** vum Minett ze ginn, iech **iwwert Initiativen an Aktiounen z'informéieren**, déi direkt oder indirekt am Zesummenhank mam Programm „Man and the Biosphere“ stinn an iech z'invitéieren **déi éischt Lëtzebuergesch Regioun, déi den UNESCO Biosphärelabel krut**, z'entdecken.

Begleet eis op enger spannender Rees an an duerch d'Minett UNESCO Biosphere.

iNATURALIST.lu

PROTÉGER LA NATURE EST UN JEU D'ENFANT

DU 22 MAI AU 6 JUIN

Réveille le scientifique qui est en vous !
Aidez-nous à répertorier la biodiversité.



Zënter dem 1. Abrëll ass Lëtzebuerg offiziell Member am weltwäite Reseau vun iNaturalist. Mat dëser **App, déi fir iOS an Android disponibel ass**, kann een op eng einfach Manéier méi iwwert d'Natur ronderëm sech gewuer ginn, andeems een op e Reseau vun iwwert enger Millioun Wëssenschaftler stäipe kann. Bis Mäerz 2021 konnten esou eng **75000 Planzen- an Déierenobservatiounen** zu Lëtzebuerg dokumentéiert ginn.

BIOBLITZ AN DER BIOSPHÄR

An den nächste Wochen soll **eng detailléiert Bestandsopnam vun der Biodiversitéit** an der Minett UNESCO Biosphere gemaach ginn an **Dir kënn do aktiv participéieren**. Hei kritt Dir all d'Detaillier fir eis ze hëllefen genee erauszefannen, wéi räich de Minett a punkto Biodiversitéit ass:

[BIOBLITZ](#)

50 YEARS MAN AND THE BIOSPHERE



De Minett ass zënter dem leschten Hierscht **Deel vum weltwäite Reseau vu Biosphäre Reservater**, déi vun der UNESCO ënnert dem „Man and the biosphere programme“ am Joer 1971, also **viru genee 50 Joer** geschaf gouf.

Dëse ronne Gebuertsdag ass natierlech e Grond d'Biosphäre weltwäit ze feieren! Biosphäre feieren heescht d'Liewen ze feieren:

[UNESCO WEB SITE](#)

EIS BEEM HU CHARAKTER



Eis Beem hu Charakter!
Wat siche mir? Déi schéinste Beem an der Gemeng!
Nos arbres ont du caractère!
Nous recherchons: Les plus beaux arbres dans votre commune!

D'Naturverwaltung sicht no de **schéinsten an impressionantste Beem** aus dem Arrondissement Süden, zu deem jo och d'Pro-Sud Gemengen gehéieren.

Kennt dir een oder méi Beem, déi um Gebitt vun der Minett UNESCO Biosphere ze fanne sinn an déi repertoriéiert sollte ginn? Beem, déi iech beim spadséieren oder soss eng Kéier opgefall sinn an déi einfach aussergewéinlech sinn?

DA MAACHT ENG GEOLOKALISÉIERT FOTO

vun deem Bam oder deene Beem a schéckt se un d'Naturverwaltung. **Méi Detaillier** iwwert d'Aktioun fannt dir hei:

[EIS BEEM HU CHARAKTER](#)

3 FROEN UN... D'SIMONE BECK



D'Simone Beck ass d'**Presidentin vun der nationaler Kommissioun fir d'Zesummenaarbecht mat der UNESCO**. Mir hunn d'Madamm Beck gefrot wéi wichteg d'UNESCO fir den Erhalt vum Patrimoine zu Lëtzebuerg ass.

[ANSWERS](#)



6, Ellergronn
L-4114 Esch-sur-Alzette
LUXEMBOURG

+352 261797-1
prosud@prosud.lu
minett-biosphere.com

